

Kéng Fisematente  
mam Walrecht !



... seet de Picky

Dir wëllt Autocollanten  
oder Spéngle bestellen:

Mëllt iech am Sekretariat  
op der Nummer 46 37 42

oder iwwert [info@adr.lu](mailto:info@adr.lu)

[www.adr.lu](http://www.adr.lu)

## „Awunnerwalrecht“? Nee!

„Awunnerwalrecht“ ass e neit Moude-Wuert. Et heescht awer ganz vill fir Lëtzebuerg. Well et léisst duerchblécken, datt mir keng Natioun solle sinn, wéi all déi aner Länner. Et heescht, datt jiddereen, dee bei eis wunnt, däerf d'Parlament wien. „Awunnerwalrecht“ heescht: keng „Heemecht“, keng Monarchie, kee Roude Léif, kee Lëtzebuerg ...

Bis elo hunn hei am Land déi Leit d'Parlament gewielt, déi d'Lëtzebuenger Nationalitéit hunn. Esou ass et an den allermeeschte Länner op

der Welt. D'Lëtzebuenger decidéieren elo de 7. Juni, op dat esou bleift. Soss kéinten an Zukunft all déi Leit wien, déi hei am Land wunnen. Dëst wär mat Sécherheet nëmmen eng éischt Etapp. Duerno gëtt da gefuerdert, datt d'Ausländer sech och fir d'Chamber däerfen opsetzen (passiivt Wahlrecht).

30.000 Lëtzebuenger mussen am Ausland liewen, well eis Regierungen d'Wunnengsnout net an de Grëff kréien oder well se do schaffen. An der Logik vum „Awunnerwalrecht“ riskéiere mer,

datt déi Lëtzebuenger, déi net am Land wunnen, fréier oder spéider d'Recht verléieren, fir an hirer Heemecht däerfen ze wien!

Esou eppes gëtt et bal néirens op der Welt. De Begrëff „Awunnerwalrecht“ soll d'Angscht virum Ausländer huelen. Mir hu keng Angscht virun den Ausländer. Mir brauchen se a si brauchen eis, fir hier berufflech a familiär Existenz. Esou fuere mir schonns laang gutt zesummen. Mam „Awunnerwalrecht“ zitt een de Kierzeren, an dat ass net den Ausländer mä de Lëtzebuenger.



Pipino dit Pino DiDomenico

Cafetier zu Rodange

Gebiertegen Italiener

„Ech hunn d'lëtzebuenger Nationalitéit ugeholl, well den administrativen Opwand bei den Autoritéiten hei am Land manner grouss war ewéi bei den Italienseschen. Ech war esou houfreg, ewéi ech 1995 d'Identitéit krut, datt ech mäi Gléck perfekt gemaach hunn, a kuerz drop meng Frëndin bestuet hunn. Am selwechte Joer hunn ech och ugefaang, mech an der Politik z'engagéieren.“

## Här Bettel, si mir Dubai? Nee!

Lëtzebuerg ass e klengt, rouegt, relativ räicht Land, an deem et sech gutt leeft. D'Land huet vill Krise kannet mä als solidaresch Gemeinschaft seng Existenz geséichert. Sozial Konflikter si rar. Et wunnen néierens esou vill Nationalitéiten op engem Koup, et gi néierens esou vill Sprooche geschwat. Et gëtt keng ausländerfeindlech Partei, kee Rassismus an der Politik. Länner mat vill manner Ausländer hu rietsradikal Parteien. Ironescherweis ass et de Pseudo-Referendum, als Héichpunkt vun der Demokratie stiliséiert, dee Friemefeindlechkeet provoziert.

Lëtzebuerg huet als eent vun den éischte Länner Ausländer aus der ganzer Welt d'Méiglechkeet ginn fir hei kënnen Buergermeeschter oder Schaffen ze ginn. Et ass eent vun dem Grapp voll Länner, déi 1 Prozent vu hirem Budget an d'Entwécklungshëllef ginn. Nach méi, jee nodeems wéi ee rechent a vill méi wéi dat, wat Europa vu senger Memberstate verlaangt. Seng Monarchie ass eng Visitëkaart, déi an der ganzer Welt Dieren opmécht.

Mer brauche kee besseren Image. Mer sollten emol dat schiift Bild, dat d'Welt vun eis huet, riet réckelen. Mir

si kee frankophont Land a mir sinn och net just eng „Finanzplaz“. Mir sinn e Land mat Stied an Dierfer an enger Geschicht. Mir sinn dat 11. op der Lëscht vun den demokratesche Länner.

Eise Premier gëtt zwar Milliounen fir e neien Image aus, vergläicht awer an engems säi Land mat arabeschen Diktaturen, déi Ausländer wéi Sklave behandeln. En Ausländerwalrecht géing eist Bild souwisou net besser maachen. Mat esou eppes, un dat bal keen anert Land och nëmmen denkt, géing all Mënsch de Kapp iwwer eis rëselen.

**D'ADR informéiert: all ons Versammlunge fänken um 19.30 Auer un.**

**2. Juni - Harel**

Café „Beim Jeanne“  
31, rue Mgr. Fallize

**2. Juni - Beidler**

Veräinsbau „al Schoul“  
Rue de l'Église

**3. Juni - Diddeleng**

Taverne Mont-Saint-Jean  
1, place Gymnich

**4. Juni - Conter**

Conterstuff  
2, rue de la Mairie

**4. Juni - Mäerzeg**

Café Staminee (Ribeiro)  
24, rue Principale